Entrée le 16.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.08.2024

adr

Groupe parlementaire

| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 8 |
|---|---|
| Référence : 553/2024 | |
| 1 9 AOUT 2024 | |
| A traiter par : | |
| Copie à : | |

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. August 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den 2. August gouf zu Lëtzebuerg den Noweis vun der Blauzungenkrankheet (BTV Serotyp 3) duerch e Referenzlabo bestätegt. Bis elo gouf matgedeelt, datt 39 Déieren infizéiert sinn an am Ganzen 28 Betriber betraff sinn. Wéi et an enger Pressematdeelung vum Landwirtschaftsministère heescht, huet déi Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) eng Impfcampagne organiséiert.

An deem Zesummenhang géife mir der Madamm Minister gär follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Impfdose goufen am Ganze bestallt?
2. Ass séchergestallt, datt genuch Impfdosen do sinn, fir widderhuelten Impfungen ze garantéieren?
3. Goufe bei der Bestellung och d'Schofsbestänn berécksiichtegt? Wa jo, wéi vill Dose goufe fir d'Impfe vun de Schofsbestänn bestallt?
4. Wéini genee huet d'ALVA den Impfstoff bestallt, wëssend, datt dëse scho säit dem 8. Juni liwwerbar war?
5. Firwat war den Impfstoff eréischt ab dem 8. August iwwert d'ALVA verfügbar, wëssend, datt d'Immunitéitsbildung bei Ranner circa sechs Wochen dauert a bei de Schof circa dräi Wochen?
6. Gëtt elo a Betruecht gezunn, déi betraffe landwirtschaftlech Acteuren ze entschiedege fir eventuell Schied, déi duerch déi ze spéit Ausliwwerung vum Impfstoff optrieden?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéiert

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1108 vun den éierbaren Deputéierten Jeff Engelen an Alexandra Schoos**

**1. Wéi vill Impfdose goufen am Ganze bestallt?**

240.000 Dosen.

**2. Ass séchergestallt, datt genuch Impfdosen do sinn, fir widderhuelten Impfungen ze garantéieren?**

Fir de Moment si méi Impfdosen am Stock, wéi vun de Veterinärpraktiker nogefrot gi sinn. Wann sech sollt erausstellen, datt méi Impfdose gebraucht ginn, wärte mer de Stock upassen.

**3. Goufe bei der Bestellung och d' Schofsbestänn berécksiichtegt? Wa jo, wéi vill Dose goufe fir d' Impfe vun de Schofsbestänn bestallt?**

Jo, mir sinn vun 10.000 méiglechen Schof's Impfungen ausgaangen.

**4. Wéini genee huet d' ALVA den Impfstoff bestallt, wëssend, datt dëse scho säit dem 8. Juni liwwerbar war?**

Wärend dem Mount Mee goufe Kontakter opgeholl matt der Firma, déi de Vaccin hierstellt, an et gouf eng éischt Commande vu 50.000 Dose gemaach.

**5. Firwat war den Impfstoff eréischt ab dem 8. August iwwert d'ALVA verfügbar, wëssend, datt d' Immunitéitsbildung bei Ranner circa sechs Wochen dauert a bei de Schof circa dräi Wochen?**

Nodeems de Vaccin bestallt war, huet dëse missten op nationaler Basis autoriséiert ginn, wat op Hand vun engem Dossier vun der Firma vum Santésministère, deen zoustänneg ass fir all d'Medikamenter (Human a Veterinär), duerchgefouert gouf. Nodeems de Vaccin autoriséiert war, hu missten eng ganz Rei administrativ a finanziell Prozedure respektéiert ginn, bevir de Vaccin konnt un déi verschidde Grosisten, déi matt Veterinärmedikamenter handelen, geliwwert ginn.

**6. Gëtt elo a Betruecht gezunn, déi betraffe landwirtschaftlech Acteuren ze entschiedege fir eventuell Schied, déi duerch déi ze spéit Ausliwwerung vum Impfstoff optrieden?**

Wéi uewe beschriwwen, ginn et gesetzlech virgeschriwwe Prozeduren, déi bei der Bestellung vun Impfdose mussen agehale ginn. D'Impfdosen ginn den betraffen Akteuren gratis zur Verfügung gestallt an et ass un hinnen ze décidéieren, a Concertatioun mat hirem Veterinär, ob, wéi oft a wéini geimpft gët.

Doriwwer eraus läit fir den Ablack weder eng eenzelbetriblech nach eng global offiziell Analyse iwwert Schied, déi duerch den BTV Serotyp 3 entstane sinn, fir. Bleiwt ze präziséieren, datt d'Betriber sech géint dës Blauzungenkrankheet kënne versécheren an datt de Staat 65% vun den Assurancëprimmen iwwerhëlt.

Lëtzebuerg, den 11 September 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN